LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n°4533 vum 24.07.2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen, iwwert d'Iwwerhuele vun den Affekotekäschte vum Staat**

1. **Bewäert de Ministère d'Geriichtsuerteel als Néierlag?**
   - **Falls jo, wäert de Staat d'Affekotskäschten erëmfroen?**
   - **Falls nee, wéi héich sinn déi vum Staat gedroe Käschten am Zesummenhang mat den Affekote vum Ex-Generaldirekter?**

Ech kommentéieren oder bewäerten an der Ëffentlechkeet keng Geriichtsurteeler.

Am betreffenden Arrêt huet d'Cour d'appel déi betraffe Persoune fräigesprach an dobäi festgehalen, datt d'Existenz vun enger „intention méchante" net nogewise konnt ginn.

Ech ginn dovun aus, datt mat „Ex-Generaldirekter" de fréieren Direkter vum MUDAM gemengt ass. Dobäi ass ze präziseieren, datt de fréieren Direkter vum MUDAM an dëser Prozedur net als Beschëllegten, mee als Partie civile opgetrueden ass. D'Cour d'appel hat deemno net iwwert eng eventuell strofrechtlech Responsabilitéit vum fréieren Direkter z'entscheeden.

Den Arrêt stellt weder am Dispositif, nach am Kader vun der strofrechtlecher Entscheedung e perséinleche Feeler vum fréieren Direkter am Sënn vum Artikel 32, Paragraf 4, vum Staatsbeamtestatut fest.

Eleng de Fait, datt déi aner Parteien um Enn vun der Prozedur fräigesprach goufen, féiert deemno net automatesch zur Conclusioun, datt e perséinleche Feeler vum Agent virläit.

D'Informatiounen iwwert d'Affekotekäschte gehéieren zu engem individuellen Dossier, iwwert deen ech an der Ëffentlechkeet net schwätzen.

Lëtzebuerg, de 21.08.2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes